N°3922
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

„Och wann de Konsum vu Fleesch éischter réckleefeg ass, sou ass d''Zuel vun de Metzlereien a Frankräich zanter der Pandemie vun 2020 weider eropgaang (vu 16.000 (2019) op eppes iwwer 18.000 (2024)). Dat hätt och domat ze dinn, datt d'Konsumenten an eisem Nopeschland de "Commerce de proximité" nach ëmmer wäertschätzen. Och d'Zuel vun de Leit, déi an dëser Branche schaffen, ass a Frankräich gewuess.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Metzlereien hei am Land zanter 2020 entwéckelt? Gëtt et eng änlech Evolutioun wéi a Frankräich?
- Wéi vill Leit schaffen de Moment an där Branche vun eiser Wirtschaft? Wéi huet sech hir Zuel zanter 2020 entwéckelt?
- Wéi vill Schluechthaiser sinn aktuell aktiv um Territoire vu Lëtzebuerg a wéi ass hir Produktioun zanter 2020 verlaf? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de la ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture, Martine Hansen, à la question parlementaire n°3922 du 15 avril 2026 de l'honorable député André Bauler au sujet de l'évolution des boucheries et abattoirs**

1. **Wéi huet sech d'Zuel vun de Metzlereien hei am Land zanter 2020 entwéckelt? Gëtt et eng änlech Evolutioun wéi a Frankräich?**
2. **Wéi vill Leit schaffen de Moment an där Branche vun eiser Wirtschaft? Wéi huet sech hir Zuel zanter 2020 entwéckelt?**

Ewéi d'Statistike vun der Chambre des Métiers ervirhiewen, ass d'Zuel vun den Entreprisen, déi zënter dem Joer 2020 enger Haaptaktivitéit als Metzlerei noginn, stabil bliwwen. Esou goufen an dëser Kategorie am Joer 2020 61 Entreprisen gezielt, am Joer 2025 goufen 60 Firmen opgelëscht, wat engem Réckgang vu 1,6% entspréncht.
D'Zuel vun de Salariéen huet am selwechten Zäitraum e liichte Réckgang vun 3,4% kannt. 2020 goufen an dësem Secteur 1.674 Salariéen gezielt, am Joer 2025 waren et 1.617 Salariéen.

| Joer | Zuel vun den Entreprisen | Zuel vun den Salariéen |
|---|---|---|
| 2020 | 61 | 1.674 |
| 2021 | 59 | 1.731 |
| 2022 | 63 | 1.798 |
| 2023 | 60 | 1.768 |
| 2024 | 59 | 1.710 |
| 2025 | 60 | 1.617 |

Wat d'Unzuel vun den Handelsermächtegunge vun de Metzlereien betrëfft, muss festgehale ginn, datt d'Reform vum Gesetz iwwert den Droit d'établissement aus dem Joer 2023 en Impakt op d'Statistiken hat. An de leschte fënnef Joer gouf hei e Réckgang verzeechent. Esou goufen 2020 422 Handelsermächtegungen an deem Secteur gezielt, 2026 waren et nach 211 Handelsermächtegungen. D'Gesetzesreform spillt heibäi eng wichteg Roll, well d'Point de vente'en an d'Exploitatiounssiten vun de Metzlereien net méi all eng Handelsermächtegung brauchen a just nach musse notifiéiert ginn.
Et sief bemierkt, datt d'Zuel vun den Handelsermächtegungen net gläichzesetzen ass mat der Zuel vun den Entreprisen. Eng eenzeg Entreprise kann eng Rei vun Handelsermächtegungen hunn.

3. **Wéi vill Schluechthaiser sinn aktuell aktiv um Territoire vu Lëtzebuerg a wéi ass hir Produktioun zanter 2020 verlaf?**

Aktuell sinn zwee agreéiert Schluechthaiser aktiv um Territoire vu Lëtzebuerg:

-Abattoir Ettelbruck SA – numéro d'agrément LU - 3
-Abattoir Schmit Stegen – numéro d'agrément LU - 88

An de follgenden Tabloen stinn d'Statistike vun deene 5 leschte Joren (2021 – 2025) esouwuel fir d'Schluechthaus Ettelbréck ewéi fir déi net agreéiert Schluechthaiser (Abattage à la ferme).

**Évolution du nombre d'abattages au cours des 5 dernières années :**

- **Abattoirs agréés pour les ongulés domestiques et les autruches**

| **Espèces** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|---|---|
| Gros bovins | 27.326 | 25.373 | 24.975 | 23.875 | 23.762 |
| Veaux | 1.276 | 1.110 | 1.160 | 1.186 | 1.129 |
| Porcs | 122.804 | 126.433 | 109.200 | 92.966 | 93.779 |
| Porcelets | 21.472 | 18.930 | 17.475 | 15.735 | 12.242 |
| Chevaux | 2 | 1 | 1 | 0 | 0 |
| Ovins | 2.489 | 2.519 | 2.616 | 2.017 | 1.821 |
| Caprins | 175 | 354 | 513 | 590 | 263 |
| Autruches | 75 | 88 | 63 | 66 | 69 |
| **Total** | **175.619** | **174.808** | **156.003** | **136.435** | **133.065** |

- **Etablissements procédant à l'abattage à la ferme (6 établissements)**

| **Espèces** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|---|---|
| Gros bovins | 7 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Veaux | 90 | 70 | 86 | 74 | 47 |
| Porcs | 565 | 528 | 841 | 445 | 64 |
| Porcelets | 2.898 | 4.028 | 4086 | 3045 | 5712 |
| Ovins | 47 | 60 | 10 | 12 | 3 |
| Caprins | 168 | 267 | 35 | 7 | 0 |
| **Total** | **3.775** | **4.953** | **5.058** | **3.583** | **5826** |

- **Abattoir agréé pour volailles (cessation activité 02/2026)**

| **Espèces** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|---|---|
| Volailles (esp. Gallus et pintades) | 4.049 | 4.062 | 3.275 | 5.307 | 5470 |
| Oies et canards | 20 | 16 | 0 | 7 | 6 |
| Dindes | 118 | 59 | 0 | 66 | 14 |
| **Total** | **4.187** | **4.137** | **3.275** | **5.380** | **5.490** |

- **Abattoir non agréé pour les volailles et les lagomorphes ***

| **Espèces** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|---|---|
| Poulets | 6108 | 5614 | 5232 | 4910 | 6138 |
| Poules | 695 | 611 | 800 | 718 | 433 |
| Dindes | 393 | 352 | 327 | 381 | 188 |
| Lagomorphes | 1809 | 2204 | 1659 | 1732 | 1426 |
| **Total** | **9005** | **8781** | **8018** | **7741** | **8185** |

*Abattoir sans Agrément sous les conditions suivantes: l'approvisionnement direct par le producteur, en petites quantités de viande de volaille et de lagomorphes abattus dans

l’exploitation, du consommateur final ou du commerce de détail local fournissant directement cette viande au consommateur final.

Luxembourg, le 15/05/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l’Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles